PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/07/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Nodeems virun e puer Deeg de jonke Nahel bei enger routinärer Autoskontroll vun engem Polizist erschoss gouf, ginn a Frankräich vill Persounen op d'Strooss fir géint d'Policegewalt ze manifestéieren. D'Protestaktioune sinn allerdéngs net alleguerte friddlech ofgelaf an esou ginn et aktuell queesch iwwert de franséischen Territoire Onrouen, déi a Saachbeschiedegung, Pyromanie, Déifställ a Verletzungen ausgaange sinn. Och an der Lorraine koum et zu Gewaltaktiounen. L'essentiel beriicht, dass zu Mont-Saint-Martin, e puer Meter vun der franséich-lëtzebuergescher Grenz an net wäit wech vun den Tankstellen, Gebaier a Brand gesat goufen, dorënner eng Schoul an ee Centre Médical.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'lëtzebuergesch Police op d'Onrouen an eisem Nopeschland virbereet?
2. Wéi eng ginn aktuell ënnerholl, fir Infrastrukturen an der Grenzregioun viru Gewaltaktiounen ze schützen?
3. Huet d'lëtzebuergesch Police eise franséischen Noperen Hëllef an Ënnerstëtzung zougesot, falls d'Onrouen an der Groussregioun eskaléiere sollten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten